



Gemeinsam Äntwert vum Sportsminister, vum delegéierte Minister fir Tourismus, a vun der delegéierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit, op d'parlamentaresch Fro n° 1270 vum 2. Oktober 2024 vum honorabelen Deputéierte Charles Weiler.

1) Zu Lëtzebuerg gëtt de Skoda Tour de Luxembourg vun RTL diffuséiert. Wéi vill Tëleesspectateuren hunn d'Course dëst Joer verfollegt? Wéi huet sech dës Zuel an de leschten zéng Joer entwéckelt?

An der Moyenne gouf de Skoda Tour de Luxembourg ronn 2 800 mol den Dag op RTL.lu an RTL Play gestreamt, mat enger maximaler Streamunzuel vun 3 429 den 18. September, den éischten Dag vun der Course, an engem Minimum vun 1 887 Streams den 21. September. Zu den Zuele vum lineare Fernsehempfang gëtt et keng präzis Donnéeën. Deemno ginn et och keng Zuelen zu den Tëleesspectateuren aus de leschten zéng Joren.

2) Wien iwwerdréit d'Course am Ausland? A wéi vill Länner gëtt d'Course iwwerdroen? Ginn et Informatiounen iwwert d'Zuel vun den auslänneschen Tëleesspectateuren? Wéihuet sech dës Zuel an de leschten zéng Joer entwéckelt?

De Skoda Tour de Luxembourg ass vun den Televisiounssenderen a Streaming-Plattformen Eurosport, Max/Discovery, L'Equipe a FloSport am Ausland iwwerdroe ginn. Doduerch sinn d'Biller vun der d'Course an insgesamt 74 Länner weltwäit gewise ginn.

Insgesamt 8 Milliounen Tëleesspectateuren aus Europa hunn déi fënnef Etappe vum Skoda Tour de Luxembourg iwwert de lineare Fernsehempfang vun Eurosport suivéiert. Zu den Online-Streaming Zuele vun Eurosport, deenen aneren Televisiounssenderen a Streaming-Plattformen, an de Tëleesspectateuren ausserhalb vun Europa gëtt et keng präzis Donnéeën. Deemno ginn et och keng Zuelen zu den Tëleesspectateuren aus de leschten zéng Joeren.

3) Ginn et Informatiounen iwwert d'Zuel vun de Spectateuren, déi d'Course op der Plazsuivéiert hunn?

Doduerch, dass et sech bei enger Vëloscourse ëm eng Sportsmanifestatioun handelt, déi fräi zougänglech an ouni Ticket kann op der Plaz suivéiert ginn, ginn et keng präzis Zuele vun de Spectateuren déi sech d'Course laanscht Streck ugekuckt hunn.



4) A wéi engem Mooss dréit esou en Evenement zur Attraktivitéit vu Lëtzebuerg als Reesdestinatioun bäi?

Vun alle grouse Sportsmanifestatiounen eegnen sech besonnesch professionell Vëloscoursse fir op der Televisioun iwwerdroen ze gi fir op déi Manéier deem Land wou d'Manifestatioun organiséiert gëtt, nieft dem sportlechen Aspekt, och eng international Visibilitéit ze ginn. Biller vun de 5 Etappe queesch duerch déi verschidde Regiounen vu Lëtzebuerg goufen heiheem an am Ausland op der Televisioun gewisen. Op déi Manéier ass Lëtzebuerg zousätzlech als Vakanzendestinatioun valoriséiert ginn. Auslännesch Spectateuren hu gesi wéi flott an ofwiesslungsräich d'Landschaften zu Lëtzebuerg sinn a wéi ofwiesslungsräich den historeschen a kulturelle Patrimoine vum Land mat senge ville Buergeren a Schlösser ass.

Lëtzebuerg, de 5. November 2024

Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo